

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Info-Box	
Bestell-Nummer:	13025LU
Sprooch:	Lëtzebuergesch
Kaméidisték:	3 Akte
Bünebiller:	1 – eng Kichen
Spilldauer:	+/- 120 Min.
Rollen:	7
Frauen:	4
Männer:	3
Rollensatz:	8Hefte
Preis Rollensatz	135,00€
Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€	

13025LU

D'Boma, hir Locatairen an en Entféiererungsfall

(Kaméidisték an 3 Akten)

vum
Heinz Jürgen Köhler

iwwersat vum
Jos Weimerskirch

Inhalt

D' Boma Berta ass zwar schonn bei Alter an héiert och e bësse schlecht, mee trotzdem well se sech net esou einfach an en Altersheem drécke loossen. Nom Motto "alles wat Spaass mécht, hält jonk" mécht se alles wat hir gefällt. A well d' Haus grouss genuch ass decidéiert se sech e jonke Polizist, e verréckte Professor an deem seng Praktikantin an d 'Haus ze huelen. Dat gefällt der virwëtzeger Nopesch Kitty Grant guer net well déi hat gehofft wann "di Al" am Altersheem ass, kéint si d 'Haus fir hiert Meedchen Melanie kafen. Och der Boma hir Enkelin d' Germaine Sitteg ass net vun de Verännerungen an der Boma hirem Liewen begeeschtert. Dat gött och net besser wéi sech och nach de Clochard Anton Schnorrer bei hir aquartéiert. Mee d 'Berta ass glécklech, endlech ass emol nees eppes lass. De Professor a seng Praktikantin erfannen di onméiglechst Saachen, och wann déi ni, oder bal ni réusséieren. D' Gesangsübungen vun der Praktikantin Monika Lëtzwitzki, maachen de jonke Polizist bal verréckt, sou dass béid di ganzen Zäit mateneen streiden. De Chaos erreecht hiren Héichpunkt wéi ob emol eng Entféierung an der klenger Uertschaft d' Leit panikéiere léisst. Eng Saach gi sech d' Bewunner schnell bewosst: Ee vun hinnen ass e Verbrieche. Ob emol ass jiddereen verdächtig oder weess onfräiwëlleg eppes vun der Saach.

Mee wéi esou oft gött et bei dëser turbulenter Komödie, no ville Falschinterpretatiounen an Iertemmer zum Schluss bal fir jiddereen en Happyend.

Bünebild:

Der Boma Berta hir Kichen mat klengem Sëtzeck an Dësch, engem Spullsteen, enger Kachmaschine an engem Frigo.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Persounen:

Persounen	Beschreibung
Berta Schosseleg	eng e bësse vergiesserlech, léiw al Fra déi schlecht héiert a sech ze jonk fir an en Altersheem fillt
Germaine Sittig	D' Enkelin vun der Boma Berta, eng schonn eeler Joffer, déi vun de Locatairen, ausser vum jonke Polizist, guer net esou begeeschtert ass
Pr. Albert Keesteen	E verreckte Professor dee ganz duercherneen ass an di onméiglechst Erfindunge mécht och wann déi bal ni funktionéieren
Monika Lätzwitzki	Dem Professor seng Praktikantin wat gäre Sängerin wéilt ginn a just aus finanzielle Grënn beim Professor als "Cobaye" ass
Ketty Grant	Di virwëtzeg Nopesch vu Niewendrun, bei Daer ass de Virwëtz schonn an de Genen. Si setzt alles drun, dass d' Berte an d' Altersheem soll, fir dass si d' Haus fir hiert Meedche kafe kann
Albert Schnorrer	E "soit-disant" Clochard an de verluere gaangene Monni vum Monika. E versteet et jiddereen em de Fanger ze wéckelen an zéckt dobäi och net heiansdo ze schwindelen
Romain Pedant	E jonke Polizist deen bei der Boma wunnt. E schount sech fir dat Richtegt ënnert dem Motto "keen Alkohol, kee Nikotin a keng gewoten Abenteuer".

Akt 1

Szeen 1

Berta, Germaine

D' Boma Berta kënnt mat engem klengen Waeschekuerf – stellt en op den Dësch a spaant eng Léngt duerch d' Kichen – hängt verschidde Géigestänn op wéi Strëmp, ënnescht Wäsch, eng Zoppelouche, en Hierk asw. Eeng Kaaz (aus Plüsch) setzt um Kuerf – d' Berta sengt. - Et klappt e puer Mol un der Dier.

Berta: *(lauschtert)* Klappt do eppes? *(rëselt de Kapp)* Nee, nee Berta, elo gëss de esou lues al. Net genuch, dass et a mengen Ouere piipst, elo klappt et och nach, ech sinn dach net verréckt. *(hängt weider Wäsch op. Et klappt nees)*

D' Germaine kënnt op d'Bühn.

Germaine: O, Boma, hues Du mech da net héieren? Ech hu schonn di ganzen Zäit un der Dier geklappt.

Berta: *(huet d' Germaine am Ufank guer net bemierkt – erfëiert sech)* Kand, wat hues Du mech elo erfëiert, schlächts dech einfach vun hannen un. Fir wat hast Du da net geklappt?

Germaine: Dat hat ech dach, mee wéi et schéint, héiers du ëmmer manner.

Berta: Ech behuele mech ewéi Kanner? *(packt sech un der Hëft)* Dat kënnt sécher vu menger neier Diät, mee grad a mengem Alter muss ee besonnesch op meng Figur oppassen. Du weess dach d' Konkurrenz schléift net.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Germaine: (*fir sech*) Dat stemmt, deng ass scho laang dout. (*méi haart*) Ech hu just gemengt, du misst eemol bei den Oueren-dokter.

Berta: Jäitz net esou, ech si jo net daf. A beim Aendokter war ech schonn, de sot et wier alles an der Rei, ech brauch just de Brëll fir ze liesen.

Germaine: Ech ginn et op. Ech wollt dech jo och just besiche kommen, well ech scho laang näischt méi vun der héieren hunn. A wann ech net weess wéi et Daer geet, maachen ech maer Gedanken.

Berta: Du wëlls däi Portmonnie tanken? Ma Kand huet der roueg wat's de brauchst, du weess dach wou alles läit.

Germaine: (*gesäit d' Wäschlängt*) Mee wat méchs du **do** nees?

Berta: No wat gesäit et aus? Seeldanzen? Kand, ech hänke Wäsch op dat gesäis de dach.

Germaine: Awer net bei esou schéinem Wieder an der Kichen.

Berta: Kichen? (*kuckt sech em*) Gott o Gott, ech hu mech scho gewonnert, fir wat et haut esou däischter ass? Egal, elo bleift se hängen.

Germaine: (*fir sech*) O Boma, doheem ass et ëmmer nach am schéinsten. (*kuckt sech ëm*) Wou ass dann eigentlech däi Günther? Miez, miez, jo wou ass de Günther, Miez, Miez?

Berta: Deen domme Kueder huet sech schonn de ganzen Dag net gewisen. Wee weess wou deen nees ass. (*hëlt d' Kaz aus dem Kuerf, breet se wéi en Handdusch aus an hängt se un d' Léngt*)

Germaine: Boma, pass op, de Koter ...

Berta: Nee dee potert net laang, deen ameséiert sech direkt mat enger Kaz. Do kann ee richtig néideg ginn. Esou gudd wéi deen, wëll ech et och eng Kéier hunn.

Germaine: (*kuckt d' Kaz*) Am Ablack, wëll ech net a senger Plaz sinn.

Berta: Mee et ass awer trotzdem schéin, dass de mech besiche kënns.

Germaine : Dat kéint ech méi oft, wann's du endlech an dat schéint Altersheem plënnere géifs dat ech fir dech erausgesicht hunn.

Berta : Mee Kand, dofir sinn ech dach nach vill ze jonk. An esou engem Altersheem wunnen dach just al Leit.

Germaine: Boma, du bass awer schonn 82.

Berta: Soen ech jo, ze vill jonk fir an en Altersheem. Ech wëll nach eppes erliewen, di ganz Welt läit maer zu Féiss. Ech plënnere dach net an esou eng Pampersbud.

Germaine: Du kéins der et jo wéinstens emol ukucken. Do ass alles ganz nei.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Berta: Nei? Ech hunn an der Broschür gelies, dass et do net emol W- LAN gëtt.

Germaine: Zënter wéini hues Du dann e PC?

Berta: Ech hat schonn ëmmer e WC.

Germaine : Awer kee richtegt Buedzëmmer mat Dusch a Bidden. Dat hätt 's Du do alles.

Berta: Jo, a Béier kritt een do och net während dem Iessen.

Germaine : Du drénks dach kee Béier.

Berta: Wann ech es awer op eemol wéilt, hätte se keen.

Germaine: Ech kommen dech dach regelméisseg besichen, da bréngen ech Daer eng Fläsch mat.

Berta: Ech wëll awer keen. Du wëlls jo just, dass ech d' Haus un d' Grant vu niewendrun verkaufen.

Germaine: Wat ass dann do esou schlëmm. E bësse Geld géif jo schliisslech och eppes bréngen.

Berta: Ech brauch kee Geld, ech brauch meng Fräiheet.

Germaine: Mee ech hätt et dann net méi esou wäit fir bei dech an du häss Gesellschaft.

Berta: Ech brauch keng Gewerkschaft.

Germaine: *(e bësse méi haart)* Dach keng Gewerkschaft, ech sot Gesellschaft.

Berta: Jäitz net esou mat maer, ech si jo net daf. A wéinst der Gesellschaft, brauchst Du Daer keng Gedanken ze maachen: Bei maer ginn Häeren an an aus.

Germaine: Boma, net scho nees, ech duecht aus deem Alter wäers du scho laang raus.

Berta: Kand, wat' s Du nees fir Gedanken hues. Nee, ech hunn 2 Leit déi bei maer gelount hunn: E Professor an e Gendaarm.

Germaine: E Polizist?

Berta : Kee Kommunist, e Gendaarm a wat fir em Hënner deen huet, kann ech Daer soen, do wéilt ech 50 Joer méi jonk sinn.

Germaine: Boma et ass gutt, mee dee Professor, ass deen dann och sérieux? Vun dëse Wëssenschaftler héiert een esou ganz komesch Saachen. Déi sollen esouguer mat Mënschen Experimenter maachen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Berta: Nee, nee Komplimenter mécht dee leider keng. Mäi Professor mécht sech guer näischt aus Fraen. Do passt seng Praktikantin gudd op en op.

Germaine: Wat eng Praktikantin och nach.

Berta: Natierlech, zënter deem ee keng Versich méi mat Déiere maachen däerf, wier d' Praktikantin eng bëlleg Alternative seet en.

Germaine: Also ier ech nees menger Wee ginn, muss ech maer den nei Locatairen onbedengt ukucken, soss hunn ech keng roueg Minute méi.

Berta: Jo jo Kand maach dat roueg wann dat dech berouegt. Mee bis dohin drénke maer nach virdrun eng Taass Téi.

Germaine : Gäre Boma, awer net méi esou staark wéi di leschte Kéier. Ech kréien dovunner esou e pelzege Mond.

Berta: Nee wéi séiss, du hues de pelzegen Hond? Dat muss de maer alles erzielen.

D' Berta an d 'Germaine gi vun der Bühn.

Szeen 2

Moni, Professor

De Professor an d' Moni kommen op d'Bühn – de Professor huet en Helm oder e Nudelsiff mat verschiddenen Dréit, Antennen an de Schnéibiesem um Kapp en huet en 2ten Helm an der Hand.

Moni : Nee Haer Professor, dat kënn Daer net vu maer verlaangen, ech sinn dach kee Versuchs kanéngchen.

Professor: Lo maacht Aech net esou Joffer Lëtzwitzki. Daer hutt Aech bei maer als Praktikantin gemellt also verhält Aech och esou.

Moni: Eigentlech wollt ech jo bei de Jang Linster virsange goen an ausserdem hat ech maer dat iergendwéi anescht virgestallt.

Professor: Wat hat Daer Aech da virgestallt? Hat der gemengt Daer géift de ganzen Dag hei bei engem Schreifdësch setzen an d' Daume lutschen?

Moni: Wat denk Daer eigentlech vu maer, ech lutschen dach net d' Daimcher.

Professor: Elo gött net gelutscht, elo gött gefuerscht. A bleift endlech stoen a setzt de Helm op.

Moni: Awer net scho nees un enger Steckdous uschlëissen. Di leschte Kéier si maer d' Hoer all ausgaang.

Professor: Wat wëll Daer dann? Aer Hoer sinn dach nees an der Réi!

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Moni: Awer net iwwerall Haer Professor, net iwwerall.

Professor: Fir d' Wëssenschaft muss een och heiansdo Affer bréngen.

Moni: Jo, awer net meng Hoer.

Professor: Sidd elo net esou klenglech. Ausserdem soll dat dach haut ganz modern sinn.

Moni: Zënter wéini wëll Daer wëssen wat modern ass - Daer kennt dach just Aer wëssenschaftlech Bicher.

Professor: Ënnerschätzt mech net, ech hunn esouguer eng VOGUE am Héichglanz.

Moni: Déi hunn ech scho gesinn. Dat ass dat éischt Exemplaire vun 1892 aus Amerika. Mat engem Bild wou d' Fra e bloen Hutt ophuert.

Professor: Do staun der? Mee setzt endlech den Helm op. Des Kéier ass dat d' Erfindung vum Joerhonnert.

Moni: Loosst mech roden, ech ginn onsiichtbar oder ech ka fléien, oder ech sollt nees kleng ginn. Nee halt ech weess, Daer maacht nees gär eng parallel Welt op.

Professor: Wann Daer e bësse méi kooperativ gewiergt wäert, dann hätt dat och alles funktionéiert. Mee des Kéier klappt et, ech si maer sécher.

Moni: Sot den Igel an dunn ass en op d' Wuerzelbiicht geklomm. (*setzt ouni Loscht den Helm op*)

Professor: Dach keng Deiereversich. Mat Hëllef vun dësem spezielle Gedanken-Teleporatatiounshelm bréngen ech et fäerdeg Aer Gedanken ze liesen.

Moni: Meng Gedanken? (*iwwerleet*) Nee, déi well Daer net liesen Haer Professor, do sinn ech maer sécher. Net elo.

Professor: Macht elo keen Theater a konzentréiert Aech. Versicht meng Gedanken ze liesen. Ech denken un eppes Bestëmmtes an Daer empfängt meng Gedanken.

Moni: Empfangen? Ech sinn awer fir eng Empfangnisverhütung.

Professor: Lo konzentréiert Aech endlech a bréngt Aech an d' Schwéngen.

Moni: A wat fir a Schwéngen?

Professor: D'Schwéngen dat ass eng Oszillatioun mat ëmmer nees zäitlecher Schwankung vun Zoustandsgéissten an engem System.

Moni: A sou? Genau déi Angscht hunn ech.

Béid fänken un ze brummen an hin an hir ze schaukelen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Professor: An, spier Daer schonn d' Kribbelen?

Moni: D' Kribbelen? A dat, dat hunn ech zënter mengem Hoerausfall beim leschten Experiment. *(weist no ënnen)*

Professor: Nee, konzentréiert Aech nees op dat méi uewen. *(weist erop)*

Moni: *(kuckt op de Plafong)* Uewen?

Professor: Nee méi déif.
(während der ganzer Diskussioun schaukelen se hin an hir)

Moni: Wat dann elo? Fir d' éischt ënnen, dann uewen, an elo nees méi déif? Si Daer sécher, dass Daer just Gedanke liese wëllt.

Professor: O kuckt maer dach endlech an d' Aen a schwätzt net esouvill.

Moni: Lo geet et awer duer, ech si lo awer sécher dat lescht wat hei vill schwätzt, ech ...

Professor: Lo roueg.

Moni: An dann och nach jätzen.

Professor: Ech senden Aech elo eng Noriicht, *(schwéngt weider)* elo.

Moni: *(schwéngt ëmmer nach hin an hir, an ...)* Also, hei kennt näischt un. Haer Professor, ech empfänke näischt.

Professor: Näischt?

Moni: Guer näischt.

Professor: Ha, ech wusst dass et funktionéiert, Moni maer hunn et geschafft. Dat ass en Duerchbroch. Endlech klappt mol eppes.

Moni: Mee Haer Professor, ech hunn dach guer näischt emfaangen.

Professor: Genial, dat ass jo phantastesch, et funktionéiert.

Moni: Soll ech Aech un d'Luedstatioun halen villäicht versti Daer et da besser.
Ech – hu – keng – Gedanken – emfaangen.

Professor: Richteg well ech hu jo och näischt geduecht. Versti Daer?

Moni: Am Ament verstinn ech guer näischt.

Professor: Ech wollt et Aech jo net ze einfach maachen.

Moni: Mee fir mech ass näischt denken einfach.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Professor: Di Lackafen vun der Akademie wat wäerten déi staunen.

Moni: Ech ginn et op.

Professor: Just nach e puer kleng Ajustementer a maer kënne eis ouni ze schwätzen mateneen ënnerhalen.

Moni: Eis ënnerhalen, ouni dass maer mateneen schwätzen. Sot elo net Daer wéilt mech bestueden.

Professor: Pappapapap. Esou verréckt sinn ech elo och nees net. Allez knéit Aech.

Moni: Muss dat da sinn? Ech hu gemengt et géif funktionéieren?

D' Moni knéit sech virun de Professor. E schrauft um Helm.

Professor: Sou elo nach "Den Nippel durch die Lasche ziehn" an ...

Moni: Aua, wat maacht Daer do? Dat deet wéi. Elo hu Daer meng Hoer mam Nippel duerch d' Lasch gezunn.

Professor: O, dat deet maer Leed, elo ass de Nippel fest. Daer hutt och awer Hoer duercherneen, mee dat kréie maer hin, ech muss blous dëse Stecker lass maachen.

De Professor zitt um Helm, d' Moni knéit nach ëmmer virum Professor an enger zweedäiteger Stellung.

Moni: Aua, net esou fest, an dréckt net esou fest aere Portemonnaie a mäi Gesiicht.

Professor: Lo stellt Aech net esou, ausserdem hunn ech guer kee Portemonnaie

Moni: Ech mengen, maer gött et gerad schlecht.

Szeen 3

Professor, Moni, Germaine, Berta

D' Boma Berta an d' Germaine komme mam Kaffi-Geschir an iwwerrasche béid an dëser Situatioun.

Professor: Ganz roueg, ech zéien nach eemol um Nippel, an da stiechen ech de Stecker ganz lues nees eran.

Berta: (entsat) Haer Professor, dat kann dach net wouer sinn.

Germaine: Em Gottes Wëllen, an dat am hellen Dag.

Professor Natierlech am hellen, wéi soll ech soss d' Nippele gesinn.

Berta: (stellt den Tablette of a geet zu béiden) Dat hätt ech net vun Aech erwaart, nee mäi schéine Schnéibiesem, (rappt de Schnéibiesem vum Helm) ech hat en iwwerall gesicht.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Professor: (*weist op den Helm*) Immens, elo hu Daer e futti gemaach. En hätt bal funktionéiert.

Berta: Daer hutt Aech d' Hoer un de Been raséiert? Mee awer net a menger Kichen?

Professor: Sou kann e Wëssenschaftler net schaffen. Kommt Joffer Monika, maer ginn a mäin Atelier. Hei ass fir d' Wëssenschaft keng Plaz.

Berta: Haer Professor, erfannt dach emol eppes wat sérieux ass, villäicht eppes wat mech méi jonk mécht, net esou eng Nippelsaach.

Professor: (*iwwerleet*) Wat méi jonk mécht, mee ouni Nippel. Joffer Lëtzwitzki kommt, maer hunn en Optrag.

D' Moni an de Professor ginn vun der Bühn.

Germaine: (*kuckt béide no*) Boma, soss Du net de Professor géif sech näischt aus Frae maachen, an elo an enger eendeiteger Situatioun, esouguer mat Spillsaachen.

Berta: Dat huet just esou ausgesinn. De Professor huet just ee Faibel an dat ass seng Wëssenschaft, - leider. Maer kéinten eis jo eng Kéier als säi Versuchs-Kanéngchen fir en Experiment zur Verfügung stellen, da gesäis du wat deen esou alles mat Daer mécht.

Germaine: Wat denks du vu maer, u maer gött net erëm experimentéiert.

Berta: Kand, déi Befierchtung hunn ech och.

Germaine: Boma.

Berta: (*schwäerm*) Dee soll en Erlenmeyerkolwen hunn. Ech weess zwar net wat dat ass, mee dat héiert sech vill verspiecht un.

Germaine: Wann dat eise Paschtouer héiere géif, da kéint ech mech an der Gruppe vun den onbefleckte Chrëschtinne guer net méi weisen.

Berta: Jo an, da gees de eben an d' Gruppe vun de "Lëschtege Nymphomaninnen". Wann 's de wëlls kann ech der och do d' Adresse ginn. Dat géif dech emol nees op aner Gedanke bréngen. Germaine, du brauchst emol e richtege Mann.

Germaine: Blödsinn. Sehnt sech en Hond no senge Fléi?

Berta: Jo, mee wann et bäisst, mécht d' Krazen em esou méi Spaass. Nach eng Taass Téi? (*fëllt no*)

Germaine: D' Liewe wier vill méi einfach wann et net esou schwéier wier. Ech verléiwe mech esouwéisou ëmmer an di falsch Männer (*hëlt hir Taass*) Jo Merci, awer wann ech gelift mat Schlagsahn.

Berta: (*mécht Schlagsahn drop*) Villäicht solls Du de Männer net ëmmer nolafen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Germaine: Wahrscheinlech hues Du Recht. Se lafen dann ëmmer méi séier. (*këmmt*) Ech sinn elo 42 Joer al an nach ëmmer Joffer.

Berta: Toi, toi, toi, an op dengem Grafsteen wäert eemol stoen "hier ruht d'Germaine Sittig.-ungeöffnet zurück". (*schléit op den Dësch a laacht*)

Germaine: Maach Du dech roueg lëschtég, ech laache spéider. Ech hunn eben di ganz Zäit op dee Richtege gewaart.

Berta: Op de "Süchtege" gewaart.

Germaine: Nee Boma (*méi haart*) op dee Richtegen.

Berta: Lo jäitz de nees mat maer.

Germaine: Ech waarden eben op di eng grouss Léift.

Berta: A mengen Liewen gouf et och just eng grouss Léift.

Germaine: Weess ech dach, du mengs de Bopa.

Berta: Quatsch, ech mengen e Matrouse mäi Kand, e Matrouse. (*fänkt un ze sangen*) "Ein Schiff wird kommen ..."

Germaine: O Boma, wat ass dann elo scho nees mat Daer lass?

Berta: Jo an, och eng al Schank kann nach säfteg sinn, Dofir brauchst Du e Mann. Kuck emol de Polizist. Deen huet e Knackegen ...

Germaine: Aarsch, ech weess.

Berta: Kand wat schwätz du do, et gesäit een, dass Du als Kand ni däi Spinat giess hues. (*kuckt op d' Auer*) O, schonn esou spéit, séier Germaine gläich geet Show lass.

Germaine: Wat fir eng Show?

Berta: (*reckelt d' Still a Richtung Gästezimmer*) Waart Kand, waart. Du wäers staunen.

Germaine: Boma, dat wäert nees näischt Anstänneges sinn.

Berta: Dat wëll ech hoffen.

Szeen 4

Berta, Germaine, Romain

De Polizist kennt mat engem hauteenkem Sportsdress aus sengem Zëmmer, mécht bei der Fënster e puer Kniebeugen ouni béid ze bemierken.

Berta: An, hat ech Daer zevill versprach? E Praschtkaerel, deem ass dach fir dran ze bäissen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwten, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Germaine: Boma !!!

Romain: *(baut sech virun deenen 2 op a mécht Kniebeugen)* O Pardon, Madame Schosseleg, ech hunn Aech guer net bemierkt.

Berta: Loosst Aech net stéieren, maacht roue weider.

Romain: *(gesäit d' Germaine)* A Besuch hu Daer och nach.

Berta: Et ass kee risege Besuch, dat ass meng Enkelin d' Germaine Sittig. E léift Meedchen an och nach net bestuet.

Germaine: Boma dat ass peinlech.

Berta: *(zum Germaine)* Kand pass op. *(geheit de Löffel erof)* Wéi ongeschéckt vu maer, elo ass maer jo wierklech de Löffel erof gefall. *(blinzelt dem Germaine)*

De Romain stellt sech virun den Dësch a béckt sech – béid kucken synchron op säin Hënneschten.

Berta: A Kand, hat ech Daer net zevill versprach, knackeg wéi eng frësch Hunnegmeloun.

Romain: *(gëtt de Löffel zeréck)* Et ass maer eng Eier, Chef- Commissaire Romain Pedant. Entschëllegt meng Tenue, mee e gesonde Geescht stécht nëmmen an engem gesonde Kierper.

Berta: D' Germaine huet och e **ganz** gesonde Kierper.

Romain: TipTop. Et ass jo esou wichteg Kierper a Séil a Form ze behalen. *(mécht iwwerdeems mat senge Sportübunge weider)*

Germaine: Do kann sech awer är Frëndin awer glécklech schätzen esou e sportleche Mann un hirer Säit ze hunn.

Romain: Leider huet mech dem Amor säi Feil nach net getraff.

Berta: *(zu sech)* Ganz gudd, genau dee Richtegen.

Romain: An esou laang ech dat glécklecht net fonnt hunn, liewen ech an absoluter Abstinenz. Keen Alkohol, kee Nikotin a keng gewoten Abenteuer.

Berta: *(zu sech)* Merde, awer net dee Richtegen.

Germaine: Mee e Glas Téi, dat däerf Daer dach sécher drénken. *(schëtt him eng Taass an)*

Romain: Jo ganz gär. Madame Schosseleg, ären Téi ass wierklech eemoleg. Sou kräfteg a würzeg einfach eenzegaarteg.

Berta: En alt Familienrezept, et kennt op d' Zutaten un.

Romain: *(drénkt)* Ech drénke séier well villäicht fueren ech bis an de Bësch.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Berta: (*entsat*) Also lauschtert, ech hunn dach kee fuere gelooss. (*iwwerleet*) Oder villäicht dach?

Romain: Nee ech fuere eventuell nach an de Bësch. Ech kann de Téi net ze laang zéie loosse, ech kréien ëmmer esou eng pelzeg Zong dervun. (*drénkt*) Sou, elo muss der mech entschëllegen, d' Bewegung rífft, ech lafen iwer direkt vun hei fort.

De Romain stellt Taass op de Buffet, mécht nach e puer Kniebeugen a fläisst sech eraus.

Berta: Dee spénnt dach, mäin Téi schmaacht dach net pelzeg, Deen ass dach ganz frësch wéi ëmmer (*hëlt aus der Téikan eng al Stëmp richt drun a stécht se nees zeréck*)

Germaine: (*gesäit d' Strëmp a späizt den Téi nees eraus*) Di nächste Kéier huelen ech iwer léiwer Kaffi. Mee däi Gendaarm Boma, deen ass wierklech léif. Ech mengen dat kéint dee Richteg sinn deen oder **Keen**. - So Boma hues Du eigentlech nach dat klenge Zëmmer op dengem Späicher fräi? Ech mengen ech bleiwe méi laang.

D' Germaine an d' Berta raumen den Dësch of a ginn, d' Taass vum Romain bleift stoen.

Szeen 5

Albert, Ketty

Den Albert kënnt mat Akaftuten e gesäit aus wéi e Clochard.

Albert: (*rëselt säin Mantel aus*) Wat ass dat e Sauwieder dobaussen. (*kuckt sech ëm*) Dat gesäit hei scho vill méi gemittlech aus. (*duersicht d' Schief*) Just fir z' iessen schéint näischt do ze sinn. - (*gesäit den Téi*) Téi? (*richt*) Igitt, dee richt no ale Strëmp. (*mécht et sech bequem – hëlt aus senger Tut eng Schnapsfläsch*) Zum Gléck hunn ech ëmmer eppes bei maer. (*zum Publikum*) Prost. Sou, elo hoffen ech just, dass ech op der richteger Platz sinn. (*schléift an a schnaarcht*)

D' Ketty kënnt, kuckt sech virwëtzig ëm, bemierkt den Albert awer net - huet eng Spektiv ëmhänken.

Ketty: Dat ass jo nees typesch. D' Dieren stinn all op a vum Berta a felt all Spur. (*gesäit d' Téitaass*) Mee Téi, dee kann et kachen. (*drénkt*) Mmm, dat mécht keen hir no. Ech weis gären emol wat do de liichten herbe Goût dra mécht, mmm.

Albert: (*zum Publikum*) Flott, Ënnerhaltung gëtt ech och nach, prost. (*drénkt aus senger Fläsch*)

Ketty: (*gesäit den Telefon a wíelt*) Georges, endlech, dass ech dech erreechen. Ech ruffen der vun der aler Berta un. Esou e schéint Haus kanns Du der net virstellen an direkt niewent eisem. D' Melissa kéint heirauser e richteg Bijou maachen ... Jo ech weess, mee di al Schosseleg wëll net verkafen Wat? Nee ech bidden hir net zousätzlech Geld. Mach der keng Suergen, ech hunn alles an d' Weer geleet ... Also so emol, ech soll kee Blödsinn maachen. Esoubal den Dokter hei war ... Wat fir en Dokter? Well 's du ni richteg nolauschters. Den Dokter den di al Schosseleg als onzourechnungsfähig erkläre soll. Mat hirer Enkelin gi maer duerno schonn eens... Jo, jo, alles nom Gesetz. (*leet op*) Männer hu Problemer, mee maer hu Léisungen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Albert: Meng der mech jonk Fra?

Ketty: (*erféiert*) Hu, lo hu Daer mech awer erféiert. Mat maach **Daer** dann hei.

Albert: Jo wat maachen ech dann hei? A Jo, ech hunn op Aech gewaart. Ech sinn den ... Dokter, jo genau, ech sinn den Dokter Schnorrer.

Ketty: Net esou haart, ech weess dach Bescheed. Fir en Dokter gesi der awer, wéi soll ech soen, matgeholl aus.

Albert: Ech weess, well ech hunn net zevill Clienten. Der wësst jo wéi d' Leit ticken: "Fir wat soll ech bei en Dokter et ass jo nëmmen e Bobo. Ech soen do ëmmer: Wat d' Sonne net heelt, deckt de Buedem geschwënn zou.

Ketty: Nu jee, Spaass versti Der op alle Fall. Wichteg ass just, dass der se an aerem Schlussrapport, esou séier wéi méiglech als plemplem erklärt. Et soll aere Schued net sinn.

Albert: O, esou schnell wéi méiglech, dat héiert sech no vill Aarbecht un, a vill Aarbecht heescht och vill Geld. (*hält d' Hand op*).

Ketty: (*gëtt him e puer Schäiner*) Dat wäert jo sécher duer goen.

Albert: (*kuckt op d' Suen*) Jo, wann dat e Sportsattest gi soll.

Ketty: (*leet nach Geld derbäi*) Méi gëtt et awer net.

Albert: Nujee, dat soll esou just duergoen. Ass et dann esou schlëmm mat der Boma?

Ketty: Et ass nach vill méi schlëmm. Si ass eng Gefor fir d' Allgemengheet.

Albert: Wéi ech héieren, soll hei och e Wëssenschaftler mat senger Praktikantin sinn.

Ketty: Daer mengt sécher dësen duerchgedréinte Professor a seng opgetakelt Assistentin? Déi lafen hei em hir, wéi de Frankenfels a säin Assistent.

Albert: (*verbessert*) Dat war de Frankenstein.

Ketty : Sot ech jo. Ob alle Fall sinn di zwee gerad esou verréckt wéi dat alt Berta. Zënter hir geet et hei zou wéi zu Soda a Kamorra.

Albert: (*verbessert*) Daer mengt Sodom a Gomorrha.

Ketty: Daer musst net andauernd alles widderhuelen. Ob alle Fall geet et hei drënner an driwwer, der verstitt wat ech mengen.

Albert: Dat ass jo interessant. Daer mengt de Professor a seng Praktikantin, also drënner an driwwer souzesoen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Ketty: Wann et just dat wier, mee dunn ass och nach dëse jonke Polizist hei ageplënnert, All Moien leeft hien hei an engem hautenke Kostüm ëmhir wéi eng gepressten Zoossiss. Do mécht een sech esou als Noper scho seng Gedanken, der verstitt wat ech mengen.

Albert: Dat gëtt jo ëmmer besser. Da kënn Daer als gudde Noper, sécher bestëmmt nach méi Detailer erzielen.

Ketty: Lo lauschtert awer emol, ech spionéieren jo hei net erëm. Ech si just opmierksam, d' Opmierksamkeet läit maer an de Genen. Dat schéint Haus hei soll dach net ze Schued kommen.

Albert: Sou hat ech Aech och direkt ageschätzt, Di léif fein Nopesch, déi op alles oppasst. Do bemierkt een och dat eent an dat anert, oder hunn ech Recht?

Ketty: Bicher kéint ech doriwwer schreiwen, wat denkt Daer wat ech schonn alles mat menger Spektiv (*weist op hi Spektiv*) hu misse gesinn.

Albert: Jo, jo, do kann ee scho vu Chance schwätzen esou en opmierksame Noper ze hunn.

Ketty: Genau, eigentlech sollt d' Berta scho längst an engem Altersheem sinn. Fir mäi Meedche d'Melissa, et ass e léift an zaart Wiësen, fir hat géif ech gären dat Haus hunn. Mee ob emol hat si nei Locatairen. Dat ass dach net normal.

Albert: Dofi sollt ech maer di Madame Dëppeg ...

Ketty: Schosseleg net Dëppeg. Daer schéint och net dee gescheitsten ze sinn, Nujee wee weess fir wat dat gudd ass, mat eidelen Kapp nickt et sech jo och méi liicht. (*lacht*)

Albert: Ier ech mam Kapp "Jo" wénken, sollt ech maer dës Madame villäicht méi genee ukucken.

Ketty: Ech hu gemengt, Daer schreift e klengen Attest, vu maer aus och wéinst Demenz an dann huet Daer se direkt mat.

Albert: Alles zu senger Zäit. Ech muss mech ech un d' Gesetzer halen, wann der verstitt wat ech mengen.

Ketty: Natierlech verstinn ech, wat meng Daer. Ech gesinn jo schliisslech net esou domm aus wéi ech eigentlech sinn. Mee villäicht ass et besser, dass ech virdru ginn. Aus iergendengem Grond traut maer di al Berta net méi.

Albert: Jo maacht dat. Mee wéi ech Aech aschätzen wäert der di Saach am A behalen.

Ketty: Do kënn der Aech op mech verloossen. De léiwen Häergott gesäit Alles, mee e Ketty Grant mat hire schaarfen Aen, (*weist op d' Spektiv*) gesäit méi. Daer wësst dach d' Opmierksamkeet läit a menge Genen.

D' Ketty geet vun der Bühn.

Albert: (*kuckt hir no*) Ween esou e Noper hue, dee brauch keng Alarmanlag, prost. (*setzt sech nees, leet d' Been héich, drénkt a schlëift an*).

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

RIDDO

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstéck
"D'Boma, hir Locatairen an en Entféierungsfall"*

**Wëll Dir dat ganz Theaterstéck liesen?
Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.**

Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstéck

Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text

Rout Bestellbox. Di ganz Rollen

Blo Bestellbox: Liesprouf per Post oder Zousaatzheft zu de Rollen

Wann Iech dat Theaterstéck gefallen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
[www. mein.theaterverlag.de](http://www.mein.theaterverlag.de)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersnehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Vertrieb

mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280

e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de – www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de – www.nrw-hobby.de